# Consdorf

# Chrëschtmaart

beim Kuerzwénkel

**Samschdeg**
**29. November**
**17-22h**
**a**
**Sonndeg**
**30. November**
**11-18h**

Org.: Kulturkommissioun, Syndicat d'Initiative et de Tourisme a Gemeng Consdorf

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Nom grousse Succès vun der éischter Editioun vun eiser nei opgeliewter Chrëschtmaarts-Traditioun um Scheedgen am leschte Joer, freeë mir eis immens, dës schéi Stëmmung och dëst Joer nees mat Iech ze deelen.

Wéinst de Renovatiounsaarbechten un der Kierch an um Veräinsbau um Scheedgen fënnt de Chrëschtmaart ausnamsweis um Kuerzwénkel zu Konsdref statt. Dëse provisoresche Standuert bitt e schéinen, gemittleche Kader, wou mir zesumme kënnen den Adventszauber genéissen.



Têschent dem Geroch vu Glühwäin a Gromperekichelcher, ënnert de Luuchten an dem Klang vu Chrëschtlidder, wëlle mir d'Dier fir eng Zäit opmaachen, wou d'Gemeng sech am waarme Liicht vun Zesummenhalt a Fréndschaft weist.

Dëst Joer gëtt de Chrëschtmaart mat vill Häerzblutt vum Syndicat d'Initiative et de Tourisme (SIT) a vun der Kulturkommissioun vun der Gemeng organiséiert. Si hunn et sech net huele gelooss, och dës Kéier eng festlech a stëmmungsvoll Ambiance ze schafen, mat lokale Spezialitéiten, Musek, Liicht, Liewen a gudder Laun, déi Grouss a Kleng gläichermoosse begeeschtert.

Mir invitéieren Iech alleguer häerzlech, zesumme mat Ärer Famill a Frënn iwwert de Chrëschtmaart um Kuerzwénkel ze schlenderen, déi festlech Liichter ze genéissen, Iech vum Geroch vun Zimt an Dännenzweiger verzauberen ze loossen a vläicht och de klengen Zauber ze spieren, deen nëmmen d'Chrëschtzäit mat sech bréngt.

Eisen häerzleche Merci geet un all déi Fräiwëlleger, déi mat hirem Asaz an hirer Begeeschterung dëse Chrëschtmaart méiglech maachen, an un all déi, déi mat hirem Besuch a gudder Laun zu där waarmer Stëmmung bäidroen.

Mir wënschen Iech vill Freed, Liicht a Fridden an dëser Adventszäit, a freeën eis, Iech op eisem Chrëschtmaart um Kuerzwénkel ze begréissen!

Äre Schäfferot vun der Gemeng Konsdref

## Iessen a Gedrénks vun de lokale Veräiner:

Amicale Pompjeeën Gemeng Konsdref an Amicale Groupe Cynotechnique - roude Glühwäin, Kannerpunsch, Äppelbeignet'en

Amicale Zitha Consdorf - Kniddelen

Associação Cultural Portuguesa de Consdorf - Portugisesch Spezialitéiten, Grill, Bolos de Bacalhau, Fritten, Ginjinha, Gedrénks

Chorale Berdorf-Consdorf - Gebootschte Gromperen, Feuerzangenbowle

Crazy Boots - Kuchebuffet, Kaffi an Téi

Elterevereenegung Konsdref - Schocki (och mat Schuss), wäisse Glühwäin, „Waarmen Hond"

Fan Club "Roude Léiw" - Rumkugelen, Knippercher, Kichelcher, Wäffelcher

Jeunes Mamans Consdorf - Croque Monsieur, Gin, Apérol, Echternacher Béier

Kanner- a Jugendchouer Konsdref - Gromperekichelcher vum Franz senge Grompere mat fräschem Äppelkompott



Konscht am Duerf - Keramik

Konsdräffer Musek - Raclette, Glüh-Gin

Kultur a Patrimoine Konsdref - Eisekuchen, gestréckte Strëmp, Chrëschtdekofloumaart a Gebastels

Kulturkommissioun a SIT - selwergemachte Chrëschtdeko

Mennoniten - Hotdogs mat Choucroute, Popcorn mat Kanéil, Adventskränz, schéi gebastelt Dekoartikele fir Chrëschtdag

Natur & Ëmwelt Sektioun Mëllerdall - Äppeljack, Viz

Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf - Wanterlechen Zoppebuffet, Crémant Alice Hartmann

Schollenhoppler Konsdrëf - Gulaschzopp, Wäin, Crémant

## Programm

### Samschdes:

18h00 Offiziell Erëffnung
18h30 Chrëschtlidder mam Kanner- a Jugendchouer Konsdref

### Sonndes:

13h00 Basteleck fir Kanner
15h00 de Kleesche kënnt op Besuch
Chrëschtlidder mat de Museke vu Konsdref a Scheedgen
16h00 Concert mat der Hierber Musek

### Déi 2 Deeg iwwer:

**Hobbykonschtmaart**: Kaaft är Chrëschtcadeauen, Adventskränz a flott Chrëschtdeko bei eisen Händler a Veräiner

**Foto Point**: maacht eng schéin Erënnerungsfoto mat eiser flotter Chrëschtdeko






JEITZ
ZËNTER 1930
BOULANGERIE-PATISSERIE

*Schéi Chrëschtdeeg! - Joyeux Noël! - Frohe Weihnachten! - Feliz Natal!*
*Merry Christmas! - Buon Natale! - Feliz Navidad!*




BULTGEN.LU
s.à r.l.
Bauarbeiten rund ums Haus und Garten
33 rue Melickshcek
L-6214 Consdorf
info@bultgen.lu
www.bultgen.lu
Tel: +352 661 321 155

# Konscht'dref 2026

*Konschtausstellung mat regionalen Artisten*

*Exposition d'art avec artistes régionaux*

*21. & 22.03.2026*

Opruff un all Kënschtler aus der Regioun:
mellt iech **bis den 30. November** u fir matzeman

Appel à tous les artistes de la région:
enregistrez-vous **jusqu'au 30 novembre** pour participer

iwwer Mail un: / par courriel à: kulturkommissioun.consdorf@hotmail.com